ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/11/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 3 Juni 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Stefanie BLOCK Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Seth RUEF	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt) Lydie RUPPERT (entschëllegt) Suzanne WEIS-COLLÉ (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Validatioun Rapport
3. Retouren vun der Gemeng
4. Aktivitéitskalenner
5. Nächst Konferenz
6. Ausfluch mat der Marie-Astrid
7. Preparatioun Chrëschtfeier
8. Divers

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen begréisst. Dräi Memberen haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Rapport vum 23 Abrëll

Et hat sech ee Feeler am Datum ageschlach. Dat gouf korrigéiert. De Rescht gouf approuvéiert.

Punkt 3: Retouren aus der Gemeng

Et goufen keng weider Réckmeldungen aus der Gemeng

Punkt 4 : Aktivitéitskalenner

D' Liselotte huet proposéiert fir e Joreskalenner festzeleeën, ugefaangen mam Schoulufank, an fir eventuell all Mount eng Aktivitéit virzegesinn. D' Iddi gouf begréisst fir a Kalenner z' erstellen. Iwwer Unzuel vun Aktivitéiten gëtt nach eng kéier debattéiert fir Verfügbarkeet vu jidderengem z' iwwerpréiwen.

Verschidden nei Terminer hu mir doropshin awer scho fixéiert. Hei d' Iwwersiicht bis Januar 2026, woubäi am Juli, August näischt festgehale gouf:

- **Kaffistuffen**, fir jeeweils Dënschdes dëst Joer den **23 September**, den **11 November** (Fuesufank), an 2026 den **20 Januar**.
- Am Kader fir all Mount eng Aktivitéit duerchzeféieren huet de Seth proposéiert **fir den 10. Oktober nach een Kino** Besuch z' organiséieren. D' Entscheedung muss nach geholl ginn, virdrun brauche mir awer den **Accord vun der Gemeng.**
- **Chrëschtfeier den 7 Dezember.**

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 5 : Nächst Konferenz iwwer Sécherheet

An eiser leschter Sëtzung ass dëse Sujet schonn diskutéiert ginn. Et geet eis drëm fir Leit vum 3ten Alter iwwer verschidden Zorten vu Gaunereien a kriminell Aktivitéiten am Alldag z' informéieren. Domat mengen mir:

- Haus Abréch
- Gaunereien fir Infoen oder Geld ze kréien
- Hausdier an Telefon Bedruch
- Cyberkriminalitéit a Computer Bedruch
- Aneres

Mir hu festgehal dat d' Corinne sech bei der Police informéiert. De Carlo kontaktéiert GERO – Kompetenz Zenter fir den Alter iwwer 60.

Als Termin hu mir elo mol den 4 Februar 2026 um 17h00 an der Koll festgeluecht.

Punkt 6 : Ausfluch mat der Marie-Astrid

Den Ausfluch ass organiséiert, Gemeng huet d' Flyeren verschéckt.

Punkt 7 : Preparatioun Chrëschtfeier

Wéi all Joer, mat der Gemeng d' Aufgaben Verdeelung ofklären an zwar de Menü, Musek a kleng Opmierksamkeet.

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 8 : Divers a nächst Dagesuerdnung

Fir de **nächsten Ordre du jour** kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Konferenz iwwer Sécherheet
- Nächst Kaffi Stuff
- Aktivitéitsplang
- Preparatioun Chrëschtfeier
- Divers

Nächst Sëtzung

2 September um 18h30, am Sall am Lëtschert zu Béiwen

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.